Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An Irland gouf e Schoulmeeschter deen an enger offizieller Kiercheschoul Däitsch a Geschicht ënnerriicht, fir d'éischt mat engem Beruffsverbuet konfrontéiert a sëtzt mëttlerweil am Prisong, well hie refuséiert huet e männleche Schüler mat engem weibleche Pronomen unzeschwätzen. De betraffene Member vum Léierpersonal berifft sech bei senger Verdeedegung op seng Reliounsfräiheet a säi perséinlech Gewëssen, dat him et onméiglech mécht, deem genannten Uerder ze follegen.

An der EU-Grondrechtecharta liest een ënnert dem Artikel 10 ënner anerem dat hei: "*Jede Person hat das Recht auf Gedanken-, Gewissens- und Religionsfreiheit".* Weider liest een an deem Kader am Artikel 11: "J*ede Person hat das Recht auf freie Meinungsäußerung*". A schliisslech ënnert dem Artikel 15: "*Jede Person hat das Recht, zu arbeiten und einen frei gewählten oder angenommenen Beruf auszuüben*". Irland verstéisst hei also gläich géint eng ganz Rëtsch vun EU-Grondwäerter.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Bausseminister seng allgemeng Positioun zum Fall vun deem betraffene Schoulmeeschter matdeelen?
2) Kann den Här Bausseminister elaboréieren ob an op wéi eng Manéier hien an dësem Fall scho bei der iresche Regierung intervenéiert huet?
3) Kann den Här Bausseminister elaboréieren ob an op wéi eng Manéier hien sech schonn op EU-Niveau duerfir agesat huet, fir Irland zum Respekt vun den EU-Grondrechter ze beweegen a preziséieren, ob hien e Grondrechtsprozess sou wéi en och géint Ungarn a Polen op den Instanzewee bruecht gouf, fir ugemooss hält?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten